10 konkret Aktiounspunkten fir d’Lëtzebuerger Sprooch!

D’Petitioun No 698 fir d’Lëtzebuerger Sprooch vum Lucien Welter huet 14.702 Stemmen krut, a weist datt d’Lëtzebuerger wëllen datt hir Sprooch am Alldag méi héichgehale gëtt. Eng Géigepetitioun déi bal 10.000 Stëmme manner krut, klammert sech um Status Quo, deen awer alles anescht wéi eng fair a gerecht Méisproochegkeet ass. Am Géigendeel, am Alldag ass villes net op Lëtzebuergesch oder Däitsch, mä exklusiv op Franséisch. Dat weist eng intern Etude vun eis kloer. (am Annexe)

Mir proposéieren hei 10 konkret Aktiounspunkten, déi einfach ëmsetzbar sinn: Fir eng richteg Méisproochegkeet am Alldag wou d'Lëtzebuergescht als Nationalsprooch an als administrativ Sprooch och zur Geltung kënnt a wou Däitsch a Franséisch sech am Equiliber halen, an dat mat guddem lëtzebuerger Pragmatismus.

Zil vun den Aktiounspunkten ass d’Präsenz vun der Lëtzebuerger Sprooch am Alldag nees ze erhéijen, och fir deene Leit ze hëllefen, déi Lëtzebuergesch léieren an hinnen ze weisen, datt eis Sprooch wichteg ass. Dat war jo och d’Uleies vum Vusal Gafarov senger Petitioun no. 602.

Am Sënn vum gudde lëtzebuergesche Pragmatismus limitéieren sech d’Aktiounspunkten op lëtzebuergesch Nimm a kuerz Sätz woubäi laang Texter op Däitsch a Franséisch kënne sinn.

Kommt mir maache mol einfach pragmatesch Schrëtt, déi séier a bëlleg ëmzesetze sinn, déi eng ganz kloer Opwäertung vun eiser Sprooch bedeiten an déi awer kengem wéi dinn!

10 konkret Aktiounspunkten fir d’Lëtzebuerger Sprooch

1. D'Uertschaftsschëlter sinn op Lëtzebuergesch, déi däitsch a franséisch Bezeechnung steet a méi klenger Schrëft drënner.
2. D'Nimm vun den Zuch-, Bus- an Tramsstatioune sinn op Lëtzebuergesch.
3. Jiddereen deen iwwer d‘Strooss, d‘Schinn (Gare), de Fliger (Fluchhafen) an d'Land erakënnt, gëtt vun engem Schëld op Lëtzebuergesch begréisst. Méi kleng drënner kann d’Begréissung och op Däitsch, Franséisch oder Englesch stoen.
4. All Schëlter déi op d’Infrastrukture vum Staat oder enger vun enger Gemeng hiweisen (Schwämm, Schoul, Kierfecht, Spidol, asw.) sinn op Lëtzebuergesch. E Piktogramm soll garantéieren datt jiddereen d'Schëld versteet.
5. All Websäite vu Gemengen an Administratioune begréissen d'Leit op Lëtzebuergesch. D’Websäite sinn op mannst an 2 vun eisen 3 administrative Sproochen disponibel, sou datt eng Persoun déi keen Däitsch oder Franséisch kann hei am Land net diskriminéiert gëtt.
6. All Standardbréiwer a Formulaire vun de Gemengen an Administratioune sinn op mannst op 2 vun eisen 3 administrative Sprooche geschriwwen, sou datt eng Persoun déi keen Däitsch oder Franséisch kann hei am Land net diskriminéiert gëtt.
7. All Brochuren a Campagnen vun Administratiounen a Gemengen däerfen net an enger eenzeger Sprooch geschriwwe sinn, et sief déi Sprooch wär Lëtzebuergesch.
8. All Gemengen an Administratioune begréissen de Bierger um Telefon op Lëtzebuergesch a fuere wann néideg an enger anerer Sprooch weider.
9. Den Term "dans la mesure du possible" am Art. 4 vum Sproochegesetz vum 24. Februar 1984 gëtt méi restriktiv ausgeluecht wéi bis elo. Am Fall, wou eng Iwwersetzung net méiglech sollt sinn, ass d'Administratioun verflicht de Bierger iwwert déi genee Grënn opzeklären.

10. De Bierger kann sech un e Gremium wenden, deen d’Implementatioun vun dësen Aktiounspunkten iwwerwaacht.